N°1888
Entrée le 05.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil, Max Hahn a vum Inneminister Léon Gloden op d'parlamentaresch Fro n°1888 vum honorabelen Deputéierten Marc Goergen iwwert d'Expulsioun vu Mineuren aus ONA Foyeren.**

Prinzipiell ass et esou, dass soubal eng Decisioun vun der Direction générale de l'Immigration zum Statut vun enger Persoun geholl gëtt - souwuel en Accord wéi e Refus – den ONA dës Persoun opfuerdert innerhalb vun engem bestemmten Délai d'ONA-Struktur ze verloossen. Aner Persounen verloossen den ONA-Reseau aus diversen Grënn och scho virdrun, obwuel se nach en droit à l'hébergement hätten. Generell ass all Sortie aus dem ONA-Reseau definitiv. A ganz raren Exceptioune kann et virkommen, dass eng Decisioun revidéiert muss ginn. Hei drënner fannt dir d'Unzuel vun allen Sortien aus dem ONA Réseau säit 2022, opgeschlësselt no Joer an Alter vun de Persounen.

| Joer | Adultes | Mineurs | Total |
|---|---|---|---|
| 2022 | 4245 | 1177 | 5422 |
| 2023 | 2767 | 909 | 3676 |
| 2024 | 2141 | 712 | 2853 |

Et ass wichteg ze betounen, dass keng Persounen vum ONA an d'Maison retour geschéckt ginn. Déi betraffe Leit kréien d'Méiglechkeet ugebueden an d'Maison retour ze goen wou si gehollef kréien hire fräiwellege Retour an d'Heemechtsland ze organiséieren. Si kréien och eng finanziell Hëllef ugebuede fir sech do erëm ze integréieren. Wann dowéinst eng Persoun an d'Maison retour assignéiert gëtt, dann en vue vun hirem fräiwëllege Retour, soudass sech d'Fro vun enger Reintegratioun an den ONA-Reseau am Prinzip net stellt.

Lëtzebuerg, den 5. Mäerz 2025

Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn